pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz : 2025.69780.SECR

Péiteng, den 16. Januar 2026

**Betreff: Är Froe vum 16. Dezember 2025**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Jerry Schmit - Tel.: 50 12 51 – 2012)

Här Welter,

An Ärem Bréif vum 16. Dezember, deen der Gemengeverwaltung den 18. Dezember per Email zougestallt gouf, hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe betreffend de Syndikat TICE gestallt:

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Am Gesetzesprojet n°8632 zur Finanzéierung vum Schülertransport ass ze liesen, dass den Gemengesyndikat TICE fräiwëlleg op d'Organisatioun vum Schülertransport verzicht huet:*

*"dans le cadre des négociations d'une nouvelle convention entre l'État et le Syndicat des TICE, le TICE a souhaité abandonner l'exploitation des services de transports scolaires dans la région sud du pays vers les établissements secondaires implantés sur son territoire."*

*De Schülertransport wäert an Zukunft elo vu privaten Transportfirmen duerchgefouert ginn.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Firwat hunn d'Vertrieder vun eiser Gemeng beim TICE d'Auslagerung vum Schülertransport beim Ministère ugefrot?*
2. *War sech den TICE-Comité bewosst, dass domadder de Schülertransport privatiséiert géif ginn?*

*Mat Respekt,Christian Welter, Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Welter,

D'Froen vun ärer Email vum 16. Dezember 2025 falen net an d'Zoustänngekeet vum Schäfferot. D'Gemengeverwaltung huet är Froe betreffend de Gemengesyndikat un d'Verwaltung vum TICE weidergeleet.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,